

Challenge: Et ass en Dilemma!

An der Philosophie nenne mer eng Situatioun, an där et keng richteg a keng falsch Léisung gëtt, en Dilemma. Du kenns dat: Am Fong huet de Papp oder d'Mamm gesot, et däreft ee keng Kamell méi iessen, mee se schmaacht awer esou gutt, datt een sech iwwerleet, ob een net awer soll nach eng iessen, well et gëtt jo keen et gewuer an et schuet jo och kengem.

Dem Philosoph seng Aufgab ass et, fir iwwer esou schwiereg Froen nozedenken. Natierlech net iwwer Kamellen, mee iwwer wierklech schwiereg Froen. Hie mécht dat mat Argumenter, déi en sech fir déi eng oder aner Positioun iwwerleet an déi hien da kritesch kuckt.

Hei ass e Beispill vun esou engem richtigem Dilemma:

Retter an der Nout?



Unitone/Shutterstock

D'Jessica wunnt zu Réimech a geet all Dag laanscht d'Musel spadséieren. Hatt kennt dësen Deel vun der Musel besser ewéi soss iergendeen. Et weess zum Beispill ganz genee, wéi eng Stréimunge besonnesch geféierlech sinn a wou ee bei Héichwaasser ganz gutt oppasse muss.

Enges Daags geet d'Jessica am spéide Nomëtteg trëppelen, wéi him e Boot opfält, dat schéngt a

Schwieregkeeten ze sinn. Et dreift ob eng geféierlech Plaz am Floss zou, an d'Jessica fährt, et kéint do tippen an ënnergoen. Am Boot sinn 8 Jugendlech, déi och schonn ëm Hëllef ruffen. Mat sengem Wëssen iwwer de Floss kéint d'Jessica hinnen zwar hëllef, mee just an deem Moment gesäit et säi beschte Frënd Sven, dee méi wäit uewe vum Floss beim Fëschen an d'Waasser gefall ass, vun der Stréimung matgerappt gëtt an elo och dréngend Hëllef brauch. Well soss keen an der Géigend ass, gëtt dem Jessica schnell kloer, datt et elo un him ass, fir entweder säi beschte Frënd Sven oder déi 8 Jugendlech am Boot ze retten.

Et bleibt net vill Zäit fir ze iwwerleeën: Engersäits kéim et engem Verrot un hirer Frëndschaft gläich, wann hat säi beschte Frënd net rette géif. Ob der anerer Säit géif de Sven et awer och vläicht verstoen, wann hatt déi 8 Jugendlech géif retten. Jo vläicht géif hien him jo esouguer e Reproche maachen, et virwerfen, wann hatt am plaz vun deenen 8 Jugendleche just hie géif retten?

No e puer Sekonne weess d'Jessica, firwat et sech entscheede wäert, mee ass dat och moralesch gesinn dee richteg Choix?

Ëmformuléiert aus: Julian Baggini, 100 philosophische Gedankenspiele, 2008, S.295.


Deng éischt Missioun als Philosophin oder Philosoph



Sief du elo och selwer eng Philosophin oder e Philosoph, iwverlee dir Argumenter fir follgend Froen a schreif se op:

- Wéi géings du dech am Jessica senger Platz entscheeden? A firwat géifs du dës Entscheidung treffen?
 - Géifs du däi beschte Kolleeg retten oder awer d'Jugendlech? (Leider gëtt et soss keng Méiglechkeet!)
- Wat mengs du? Wier deng Decisioun och moralesch gesinn déi richtig oder gëllt se just fir dech perséinlech?

Sich der bei dir doheem een, mat deem s du deng Äntwerte kanns diskutéieren.



Dodoit/Shutterstock

Mënschen, déi mer vläicht guer net kennen.

Iwverleeë mer awer nach e Schrëtt weider:

D' Eethik, eng Disziplin vun der Philosophie, beschäftegt sech mat der Fro, wat moralesch richtig a falsch ass.

An der Eethik gëllt de Prinzip, datt all Liewe d'selwecht wichteg ass, a kee soll méi oder manner zielen ewéi een aneren. Dat schéngt awer eisem Gefill ze widderspriechen, datt Frënn a Famille méi wichteg sinn, ewéi aner

De Prinzip schéngt deemno kloer: An der Praxis konzentréiere mir eis méi ob d'Famill an d'Frënn, an esoulaang mir dobäi all anere Mënsch och gerecht a fair behandelen, ass dat richtig esou.

Deng zweet Missioun als Philosophin oder Philosoph!



De Prinzip stellt eis awer virun eng Rei eethesch/moralesch Problemer, déi dann och dän zweeten Challenge sinn:

- Ass et och nach fair, deenen eegene Kanner deier Spillsaachen ze schenken, wann et anere Kanner ob der Welt schlecht geet a si vläicht esouguer verhéngeren?
- Ass et fair, wann Elteren deenen eegene Kanner bei den Hausaufgaben hëllef, während aner dat net kënnen?



8Suke/Shutterstock

Dem Jessica seng Entscheidung am éischten Dilemma huet gewisen, wéi schwéier et ass, fir sech tëschent dem Liewe vun Onbekannten an deem vun engem beschte Frënd ze entscheiden. Besonnesch schwierig ass dat, well et sech bei den Onbekannten ëm méi Persounen handelt.

Et ass och fir Eltere schwéier, ze entscheiden, wéi wäit se däerfen hire Kanner hëllef, ouni datt se moralesch falsch handeln an domat aner Kanner benodeelegen.

D'Fro, déi sech stellt, ass ëmmer déi selwecht:

Ass de Prinzip richtig, datt engem d' Wuel vun deene Mënschen, déi ee gär huet, méi wichteg ass, wéi dat vun aneren? Schreif eis deng Gedanken dozou op.

Deng drëtt a lescht Missioun als Philosophin oder Philosoph!



Kanns du dir och esou en Dilemma virstellen? Erziel eis eng kuerz Geschicht, an där eng oder méi Persoune virun engem Dilemma stinn.

Schéck eis duerno deng dräi Missiounen op: challenge@script.lu. Déi flottsten Dilemma-Geschichte gi mer weider un e richtege Philosoph, deen dir dann och seng Iwwerleeungen zum Dilemma matdeelt. An ënner all deenen, déi matmaachen, verlouse mir e flotte Präis!